ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 17. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Et ass mir zougedroe ginn, datt et beim Installéiere vu Solarzelle bei Privatleit zu Onstëmmegkeeten an Inkohärenze komm ass. Esou ass et virkomm, datt bei Privatpersounen d'Installéiere vu Solarzellen net autoriséiert gouf, well den Traffo fir d'Aspeise vun der Solarenergie an dat nationaalt Stroumnetz net staark genuch soll sinn. Deene selwechte Persounen ass dunn op eemol d'Erlaabnis fir d'Installéiere vu Solarzellen awer zougedeelt ginn, obwuel si de selwechten Traffo behalen hunn an dësen eben net ersat oder ausgetauscht ginn ass.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Energieminister formuléieren:

1.) Sinn déi uewe genannte Faiten dem Här Minister bekannt?
2.) Wa jo, wat sinn déi genee Ursaache fir dës Inkohärenzen?
3.) Ginn et genee Virgaben a Norme fir d'Installatioun vu Solarzelle bei Privat-Haushalter an d'Aspeise vun der Energie an dat nationaalt Stroumnetz?
4.) Wa jo, wéi gesinn dës Normen a Virgaben aus a ginn se an der Praxis och konsequent agehalen, dëst ouni onnéideg Schikanéiere vu de concernéierten Haushalter?
5.) Wie kënnt fir déi zousätzlech Käschten op, wann den Traffo, wann e net staark genuch ass, ersat muss ginn?
6.) Wéi eng Informatiounsméiglechkeete stinn dem Bierger zur Verfügung, wann dëse sech fir d'Installatioun vu Solarzellen entscheet, esou datt et och am Virfeld méiglech ass, de richtege Choix fir de richtegen Traffo ze treffen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten